

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 5985 vu mir an dem honorabelen Deputéierte Fred Keup schreift d'Madamm Minister, datt et am Extremfall bis zu 18. Méint dauere kann, bis een zu Lëtzebuerg e Rendezvous fir eng Mammographie kritt. Och op en dréngend benéidegten IRM musse Patienten oft laang waarden, wouduerch dem Dokter riskéieren, wichteg Informatiounen fir d'Behandlung ze feelen.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës Fro stellen:

- 1) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert zu wéi vill Feelbehandlungen et während de Joren 2013 bis 2021 all Kéiers opgrond vu feelende Mammographien, IRMen a Scane koum a wéi vill Zousazkäschten der Gesondheitskeess doduerch all Joers entstanen sinn? Falls d'Madamm Minister net iwwert déi entspriechend Zuele sollt verfügen, a wéi engem Delai gesäit si da fir, eng entspriechend Etude an Opdrag ze ginn an der Chamber d'Resultater ze iwwermëttelen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch an dem Här Minister fir sozial Secherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6153 vum 6. Mee 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.

1. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert zu wéi vill Feelbehandlungen et während de Joren 2013 bis 2021 all Kéiers opgrond vu feelende Mammographien, IRMen a Scane koum a wéi vill Zousazkäschten der Gesondheetskeess doduerch all Joers entstane sinn? Falls d'Madamm Minister net iwwert déi entspriechend Zuele sollt verfügen, a wéi engem Délai gesäit si da fir, eng entspriechend Etude an Optraq ze ginn an der Chamber d'Resultater ze iwwermëttelen?

Virop sief bemierkt datt, wéi schonn an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro 5985 detailléiert, den extremen Délai vun 18 Méint fir en Rendezvous fir eng Mammographie sech just applizéiert fir net urgent Fäll ausserhalb vum Programme Mammographie. Fäll bei deenen den Dokter d'Urgence justifiéiert, ginn ëmmer prioritär traitéiert. Dëst gëllt souwuel fir Mammographien, IRM'en a Scan'en.

Weder de Gesondheitsministère nach de Ministère fir sozial Sécherheet hunn Donnéeë wou eventuell Feelbehandlungen noweisbar sinn déi an direktem Zesammenhang mat engem anormal laangen Délai an der Imagerie stinn. Éischtens gëtt et keng eenheetlech Definitioun vu Feelbehandlungen an des weideren ënnerleien dës Fäll och dem secret médical sou datt ausser wann de Patient sech direkt un de Gesondheitsministère adresséiert, de Gesondheitsministère keng Kenntnis iwwer sou Fäll kann hunn.

Lëtzebuerg, den 7/6/2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert